PISA 2009



WAT ASS „PISA"?

„PISA" steet fir „Programme for International Student Assessment" (Programm fir international Évaluatioun vun de Schüler) an ass e Projet vun der OECD (Organisatioun fir wirtschaftlech Zusammenaarbecht an Entwécklung).

WAT KUCKT PISA?

PISA kuckt an alle 67 Länner, déi un der Pisa-Studie deelhuelen, wat d'Schülerinnen an d'Schüler vu 15 Joer wëssen a wat se kënnen. Getest gi Liesen, Mathematik a Naturwëssenschaften.

WÉI FONCTIONNÉIERT PISA?

PISA gëtt all 3 Joer getest. Vu Kéier zu Kéier ännert de Schwéierpunkt. Bei PISA 2009 ass et Liesen. Mee och Mathematik an Naturwësseschafte gi getest.

WIE GËTT GETEST?

All d'Schülerinnen an d'Schüler, déi tëscht dem 01.01.1993 an dem 31.12.1993 gebuer sinn.

WÉINI GËTT GETEST?

Vun Abréll bis Juni 2009.

WÉI GËTT GETEST?

De PISA-Test geet iwwer zwee Deeg an huet iwwerall dee selwechte Schema:

Dag 1

- Aféierung (15 Minutten)
- Test Deel 1 (60 Minutten), Paus
- Test Deel 2 (60 Minutten), Paus
- Froebou iwwer perséinlech Donneeën (40 Minutten)

Dag 2

- Aféierung (15 Minutten)
- Test Deel 3 (60 Minutten)

WICHTEG!

PISA ass keng Prüfung a keen Intelligenztest. All Resultater bleiwen anonym.

IWWREGENS

Dir däerft selwer entscheeden ob dir de PISA-Test op Däitsch oder Franséisch maache wëllt. En Täscherechner an e Lineal däerfe benotzt ginn.

uni.lu UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

OECD

WAT FIR LÄNNER MAACHE BEI PISA 2009 MATT? OECD-Länner: Australien • Belgien • Dänemark • Deitschland • Éisterréich • Finnland • Frankréich • Grichenland • Groussbritannien • Irland • Island • Italien • Japan • Kanada • Korea • Lëtzebuerg • Mexiko • Neiseeland •